

Administration communale de Sandweiler
A l'attention du Collège échevinal
18, rue Principale
L-5240 Sandweiler

Sandweiler, den 22. Mee 2025

Betrëfft: Froen un de Schäfferot fir d'Gemengerotssëtzung vum 27. Mee 2025

Madamm Buergermeeschtesch,
Madamm, Monsieur Schäffen,

D'CSV Sandweiler Gemengerotsmemberen erlaben sech lech folgend Fro'en ze stellen an hoffen ob eng Äntwert am Gemengerot vum 27.05.2025. Fir de Bierger Är Äntwert ouni eventuell verfälschend Interpretatioun zoukommen ze loossen, biede mir lech an der Suite ons Är Äntwerte schrëftlech zoukommen ze loossen.

Fro 1:

Laut engem Artikel vum Wort vum 14.05.2025¹ géife sämtlech Wunnhaiser an der Cité de l'Aéroport nach dëst Joer ofgerappt ginn.

- Ass eisen Office social agebonne fir deene betraffene Leit ze hëllefen eng nei Wunnengen ze fannen?
- Ass de Schäfferot au courant op déi Leit schonn all eng nei Wunneng fonnt hunn?

Fro 2:

De 14.03.2025 ass den Accord de mise à disposition fir d'Croix-Rouge bezüglech engem Haus 9, rue de Trèves, sou wéi en an der Gemengerotssëtzung de 27.06.2024 verlängert gouf, ausgelaf.

- Gett deen Accord nach mol verlängert?
- Wunnen déi ukrainesch Flüchtlingen nach an deem Haus oder steet dat Haus am Moment eidel?
- Wat plangt de Schäfferot mat deem Haus ze maachen?

Romain DUMONG
Conseiller



¹<https://www.wort.lu/luxemburg/zentrum/abriss-der-cite-de-l-aeroport-beginnt-noch-in-diesem-jahr/66868651.html>